Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la Fnel) Adresse Postale: B.P. 1026 L-1010 LUXEMBOURG

# WANDROUS

## N° 326 Chrëschtmount / Haartmount 2009
## décembre / janvier



Kënnt 5 mol pro Joër eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000

Chefredakter: Guy MOYANO
Verantwortlech vir den Drock an d'Verschécken: Groupe LBB
E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51
http://www.lionsbleus.lu

Lies d'Wandrous da baste ëmmer up to date!!!

Wandrous Publicitéit


## Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*

Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!
Paulinstrasse 25
D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
**VIKING-ADVENTURES!**

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gülteg Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!




**www.viking-adventures.de**

## Gruppechrëschtcamp vum 19.-21. Dezember 2009



Sief gegreisst Ritter an Burgfräulein,

Ech, Graf Sigismund vun Hollenfels an meng Fra d'Gräfin Johanna vun Hollenfels wëllen dech härzlechst op eis Schlass zu Huelmes inviteieren vir hei op engem Turneier deelzehuelen. Deen beschten Ritter oder Ritterin gett dann op dei gefeierlech Rees gescheckt vir den Draach Kunibert ze besiegen deen sait laangem eis Lännereien bedreit, gefaangen ze huelen oder ze verdreiwen. Deen, deen dest packt, gett mat Raichtum an gousser Eier iwwerheeft ! Mee des gefeierlech Rees bei eist scheint grousst Schlass kennt dir nemmen mat aeren ritterlechen Utensilien bestrieden. Dofir brengt eng Verkleedung (Schwaert, Scheld, Helm, e laange Rack, eng Haifchen ... ) mat dass mir ierch erkennen.
Dofir mell dech seier bei eisen Mooden an Stallburschen an dengem Grupp un !

Rendez vous :

| | |
|---|---|
| Vir Explorer an Scouten: | den 19. Dezember 2009 um 9.00 op der Gare Centrale de Luxembourg an aerer Verkleedung. |
| Vir d'Wëllef an d'Beaver: | den 19. Dezember 2009 um 14.00 op der Gare Centrale de Luxembourg an aerer Verkleedung. |
| Schluss : | den 21. Dezember 2009 um 16.00 op der Gare Centrale de Luxembourg. |
| Material : | Dem Wëllefchen seng 5 Saachen, Schloofsaack, Gamelle, dem Wierder ugepasste Kleeder, Schlappen vir dobannen, Ritterverkleedung, dëck Schung, Mutz Schaal, Hänschen, 2 Kichendicher an wat een soss nach ëmmer um Camp derbei huet... |
| Prais : | 35 € sin op de Konto vum Manon Fischer CCPL: Lu 69 1111 1943 4251 0000 bis spéitstens den 10. Dezember 2009 ziwerwéisen an och d'Souche Oofzegin. As daat net de Fall muste léider dohém bléiwen. |

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

Heimat erlaaben ech...................................................................

mengem ..........................................................Beaver/Wëllefchen/Scout/Guide/Explorer



um Crëschtcamp vum 19.12.2009 - 21.12.2009 deelzehuelen.



Ennerschrëft vum Elterendeel: ...........................................................



# OWES - SORTIE



Moien Beaver,

De Wanter suergt matt sengen kuerzen Deeg dofir, dass mir ons nët méi esou laang dobaussen ophaalen kënnen. Dëst gëllt awer nët fir d'Beaver. Mir gin nämlech Schlittschong fueren. An uschléissend laafen mir dann och nach owes, wann ët däischter ass, dobaussen.
Dofir komm matt wëll ët gët spannend.



**RENDEZ-VOUS**: Samsdes den 23. Januar 2010 um14:00 Auer
op dem Parking vun der Äispist op der Kockelscheuer

**RETOUR:** Samsdes den 23. Januar 2010 um 20:00 Auer
am Home vun den Lions Bleus

**PREIS:** 10 Euro sin bis den 16. Januar 2010 op den Konto
LES LIONS BLEUS A.S.B.L. - BEAVER
LU87 1111 2571 8942 0000
mat der Mentioun : “Numm vum Kand” + Sortie Kockelscheuer

**UMELLDUNG:** D'Souche muss bis den 16. Januar 2010 bei dengem Cheff ofgin sin.



**MATERIAL:** Gamelle, Becher, Besteck, Kichenduch, Bidon,
klengen Snack (keng Seissegkeet), Schlittschong (déi der hun),
Täschelucht, dem Wieder ugepassten Kleeder undoen.

BEAVERKLACK

-------------------------**SOUCHE**----------------------------------

Heimadder erlaben ech________________________________



mengem Beaver ______________________________ op der Owes - Sortie
vum 23. Januar 2010 deelzehuelen.



Greisst vun den Schong:______ ______________
Ennerschrëft

# Souche Fuesweekend Beaver - Meute









Fueszeit kennt emmer mei no, an
Verkleedungen waarden just nach
drop nees ugedoen zeginn.

Wanns du Loscht hues en flotten Nometten oder
Weekend mat den Beaver an Wellef ze verbrengen.
Dann verkleed dech seier an fell d'Souche aus an geff
dei esou seier wie meiglech oof

| | | |
|---|---|---|
| Rendez-vous: | Meute: | 06. Februar 2010 um 13h30 beim Home |
| | Beaver: | 06. Februar 2010 um 14h00 beim Home |
| Retour: | Beaver: | 06. Februar 2010 um 17h30 beim Home |
| | Meute: | 07. Februar 2010 um 17h00 beim Home |

Präis (sust Meute): 10 € bis den 01. Februar 2010 op den Compte:
Les Lions Bleus Bonnevoie a.s.b.l. Meute
CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000
Mention : Fuesweekend + Numm vum Kand

Souche: Dei ass bis den 30. Januar 2009 bei dengen Cheffen oofzegin.

Wichteg: eng Verkleedung um Départ un hun

Material (Meute): du kruus eng Materialslescht „Waat brauch e Wëllefchen?" an do kanns du nokucken. Denk un eng Reenjacket. An eng Täscheluucht.



Souche-Souche-Souche- Souche-Souche- Souche-Souche- Souche-Souche- Souche



Ech ……………………………………………………………

erlaaben mengem Wëllefchen/Beaver ………………………………

mat op den Fuesweekend 2009

vum 14. bis 15. Februar matzegoen



……………………………………………………

Ennerschrëft vun den Elteren

# Souche Techuana 2010 Techuana 2010

## „Der Berg ruft"

jo et as erëm sou wäit, mir gin dëst Scouts-Joer erëm an Techuana. Du frees dech ouni Elektresch, ouni Heizung an fléissend Waasser ze liewen dofir awer ganz vill Holz ze maachen („et get nimols Duer, Dier zou") Natur pur, e puer flott Deeg op der Skipiste ze verbréngen, einfach Wanderen oder e Buch ze liesen bei der schnurrender Gazlucht an net ze vergiessen onsen remake vun dem sensationnelen Erlebniswanderweg? Dann as daat héi genee daat richteg fir dech, mëll dech sou schnell wéi meiglech un well du wes
jo: d' Plazen sin limitéiert!!!!

**Wee ka mat goen:** jidderén dén bis den 01.09.2009 14 Joer krut huet

**Rendez-vous:** 12.Februar 2010 um 18.30 Auer am Home vun de Lions Bleus

**Zrëck** 21.ten Februar 2010 um 11.00 Auer am Home vun de Lions Bleus

**Präis:** Mir maachen daat och erem wie daat lecht Joer, mir splecken de Preis op! Daat heescht 250 Euros vir Transport, Iessen, Sauna a Schwammen. Déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 150 Euros vir de Skipass bezuelen an vir déijéneg déi nach Material musse lounen mussen nach 100 Euros bezuelen.

Am Kloertext:

Déi Léit déi just gäeren Spadzéiren, Iessen, Schwammen gin bezuelen **250** Euros.

Déi Léit déi Iessen, Schwammen, Ski fueren, an hirt égen Skimaterial hun bezuelen **400** Euros.

Déi Léit déi Iessen, Schwammen, Ski fueren, an Skimaterial op der Plaz lounen mussen, bezuelen **500 Euros** bis den 01.02.2010 mat der Mention "Techuana 2010". D'Geld ass ze Iwwerweisen op den CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 „Les Lions Bleus a.s.b.l.- Explorer"

**Täschegeld:** dest Joer gin och 50 Euros duer

**Material:** Schlofsack (waarmen ), Carry-Matt, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox (virdéi die eng hun), 2 puer Händschen, eng Mutz, en Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (déi an d' Sauna gin sollen 2 Dicher mathuelen), Wächsachen, Bidon, Tächelucht, komplett Wanteruniform, e klengen ,Rucksack (dén an den Auto matgeet an wou deng perséinlech Saachen dran sin, an fir an d'Schwemm, a.s.w…… )

**Elternversammlung:** Vir déi Leit déi matgin as déi Versammlung obligatoresch. Si as Mëttwochs den 16. Dezember 2009 um 19.15 Auer am Home vun den Lions Bleus. Do kris du dir och dein perséinlechen Dossier mat der Fiche Médicale an do kennt och nach d'Kopie vun der Impfkart, d'Polizeilech Erlabnis, d'Kopie vun der Krankenkeesmatricule an d'Kopie vun der Carte d'Identité oder Pass dran.

Des Souche muss du och oofgin wëll soss bas du net officiel ugemëllt!!!

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE



Ech erlaben mengem Scout, Explorer, Rover

…………………………………………………...

mat um TECHUANA-Wantercamp 2010 deelzehuelen.
D'Souche as sou schnell wei méiglech bei dengem
Chef ofzegin, **well d'Plazen sin op 20 Scouten limiteiert !!!!!**



. . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . .

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

# Bunny in the Snow II
Bunny in the Snow II



--- NEWS - groussen summercamp – NEWS ---





# CORSE 2010

**30.Juli 2010 – 22.August 2010**

## Fir den Moment…

**Bis elo ginn mat:**
Nicolas, Raphaël, Ludovic, Vanda, Breeze, Samuel, Eric, Mauro, Nadine, Soa, Lex, Tameng, Tahr, Grizzly, Maki, Chouch, Téit, John, Nandu, Emys, Paco, Max, Ketty, Kodiak, Tamia & Laska…

**Probabel dat matginn:**
Catherine, Nora, Christophe, Sophie, Lena, Maiti, Mouette




| | |
|---|---|
| **Präiss :** | **850 €** |
| Acompte 1 : | 150€, RAPPEL fir déi Léit déi nach nët bezuelt hun (01/12/2009) |
| Acompte 2 : | 300€, sinn bis den **1.**Februar 2010 op den Compte vum Fischer Manon ze viréieren (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000) |

## RAPPEL:
Ugemellt si der eréischt wann d'Souche an den Paiement vum 1.AC (non-remboursable) bis **1.Dezember 2009** ukomm ass!

## Résumé:
Daat heescht mir sinn bis elo zu 25 Léit mat engem Hond.
Waat d'Plaazen ugeet, ass ët sou dat mir d'Autoen fëllen an och all Sëtzplaaz besaat soll sinn well mir keen eidelen Volume mat ronderem-kutschéieren. Dofir déi Éischt sinn/woren fiir an dierfen mat eis all zesummen eng flott Aventure an Erfahrung maachen.

Falls dir nach Froën sollt hun oder opkomm sinn, an dir se nët an der Elterenversammlung gestallt haat, kënn der dës selbstverständlech all Samsteg no der Versammlung oder per Telefon stellen.

**Den motivéierten CORSEN-CAMP-STAFF**
☺☺☺☺☺☺☺☺☺☺☺☺☺☺



# Assemblée générale Lbb





Mir lueden häerzlech all ons Memberen (Scouten, Guiden, Explorer, Rover, Amicale*), Elteren (Mammen,Pappen), Frënn, Bekannten souwéi ons “Amis des Lions Bleus” an op on

# Assemblée Générale 2010

**vun der a.s.b.l. Les Lions Bleus Bonnevoie**
**déi Freidesowes, den 29. Januar 2010**
am Home vun den Lions Bleus,
op 61 rue de Pulvermühl,
ofgehalen gët.

## Ufank ass pénktlech um 19:30 Auer

Wéi all Joër fréën mir ons iwwert Är Präsenz an wärten ons all Méi gin dës Assemblée sou interessant wi méiglech ze gestalten.

**Programm**
1) Begréissung an Usproch vum Här President
2) Rapport vun der leschter Generalversammlung vun der Madame Secrétaire
3) Rapport vum Här Késsier
4) Virstellung vum Budget 2010 - 2011
5) Rapport vun dénen Dammen an Hären Késsenrevisoren
6) Bestëmmung vun den Késsenrevisoren fir d’Joër 2010 - 2011
7) Rapport vun den Activitéiten vum Scoutsjoër 2009
8) Erneierung vum Conseil d’Administration
9) Verschiddenes an Geméschtes

No der Versammlung huët den Conseil d’Administration den Plëséier Iech op en Pättchen an eng kleng Stärkung anzelueden. Häibäi ergët sech och nach d’Méiglechkét vir ze pooteren an Informatiounen auszetauschen.

*** All déi Actif Memberen sin gebieden an kompletter Wanteruniforme ze kommen!**

# De Beaver - Programm




**Dezember'09**

| | | |
|---|---|---|
| 4 | Kleeschen | |
| 5 | *keng Versammlung* | *Rover-We fir d'Cheffen* |
| 12 | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 19 - 21 | Gruppen-Chrëschtcamp | |
| 26 | *keng Versammlung* | *Vakanz* |



**Januar'10**

| | | |
|---|---|---|
| 2 | *keng Versammlung* | *Vakanz* |
| 9 | Versammlung | 14.00-16.00 |
| 16 | Versammlung | 14.00-16.00 |
| 23 | Sortie | |
| 29 | Assemblée Générale | |
| 30 | Versammlung | 14:00 - 16:00 |

**Februar'10**

| | | |
|---|---|---|
| 6 | Fuesparty | 14:00-17:00 |
| 13 | *keng Versammlung* | *Vakanz* |
| 20 | *keng Versammlung* | *Vakanz* |
| 27 | Versammlung | 14:00 - 16:00 |

**März'10**



| | | |
|---|---|---|
| 6 | Versammlung | 14.00-16.00 |
| 13 | Versammlung | 14.00-16.00 |
| 14 | Gala | |
| 20 | Versammlung | 14.00-16.00 |
| 27. + 29. | Ouschter-Camp | |

Beaverklack: Paco / Nandu / Nora / Lena

# Programm Meute De Meute - Programm

## Dezember

| | | |
|---|---|---|
| 4 | Kleeschen | |
| 5 | *keng Versammlung* | *(Rover-We fir d'Cheffen)* |
| 12 | Versammlung | 14:00 - 16:00 |
| 19 - 21 | Gruppen-Chrëschtcamp | |
| 26 | *keng Versammlung* | *Vakanz* |

## Januar

| | | |
|---|---|---|
| 2 | *keng Versammlung* | *Vakanz* |
| 9 | Versammlung | 14:00 - 16:00 |
| 16 | Versammlung | 14:00 - 16:00 |
| 23 | Versammlung | 14:00 - 16:00 |
| 29 | Assemblée Générale | 19:30 - …….. |
| 30 | Versammlung | 14:00 - 16:00 |

## Februar

| | | |
|---|---|---|
| 6 - 7 | Fuesweekend | |
| 13 | *keng Versammlung* | *Vakanz* |
| 20 | *keng Versammlung* | *Vakanz* |
| 27 | Versammlung | 14:00 - 16:00 |

## März

| | | |
|---|---|---|
| 6 | Versammlung | 14:00 - 16:00 |
| 13 | Versammlung | 14:00 - 16:00 |
| 14 | Gala | |
| 20 | Versammlung | 14:00 - 16:00 |
| 27 | *keng Versammlung* | *Vakanz* |

Deng Meutecheffen: Tahr / Charles / Sophie / Prunelle

# Programm Troupe



## DEZEMBER:

| | | |
|---|---|---|
| 4. | **KLEESCHEN** bei den Lions Bleus | |
| 5.-6. | keng Versammlung – **ROVERWEEKEND** | |
| 12. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 16. | **TECHUANA Elterenversammlung** | |
| 19.-21. | **GRUPPENKRËSCHTCAMP** | |
| 26. | keng Versammlung → VAKANZ! | |

!!! Mir wenschen schein Kreschtdeeg
an e gudden Rutsch an d'neit Joer !!!

## JANUAR:

| | | |
|---|---|---|
| 2. | keng Versammlung → VAKANZ! | |
| 9. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 16. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 23. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 29. | **ASSEMBLEE GÉNÉRALE LBB** | |
| 30. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 Auer |

## FEBRUAR:

| | | |
|---|---|---|
| 6. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 13. | keng Versammlung → VAKANZ! | |
| 12.-21. | **TECHUANA** | |
| 20. | keng Versammlung → VAKANZ! | |
| 27. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 Auer |

## MAERZ:

| | | |
|---|---|---|
| 6. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 13. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 14. | **GALA** | |
| 20. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 27. | keng Versammlung → VAKANZ! | |

Lex / Christophe / Tamia

# Programm Explorer



**DEZEMBER:**

| | | |
|---|---|---|
| 4. | **KLEESCHEN** bei den Lions Bleus | 18.00-21.00 Auer |
| 5.-6. | keng Versammlung **ROVERWEEKEND** | |
| 12. | Explorerversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 16. | **TECHUANA Elterenversammlung** | **19.15-???** |
| 19.-21. | Chrëschtcamp | ??? |

**JANUAR:**

| | | |
|---|---|---|
| 2. | keng Versammlung VAKANZ! | |
| 9.-10. | Explorerraid | ??? |
| 16. | Explorerversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 23. | Explorerversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 29. | **ASSEMBLEE GÉNÉRALE LBB** | |
| | a Spillerowend am Home | |
| 30. | Bunny in the Snow II | |

**FEBRUAR:**

| | | |
|---|---|---|
| 6. | Explorerversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 12.-21. | Techuana 2010 | 18:00-12:00 Auer |
| 27. | Explorerversammlung | 14:00-16:00 Auer |

**MÄRZ:**

| | | |
|---|---|---|
| 6. | Explorerversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 13. | Prépartion Gala | |
| 14. | Gala | |
| 27.-29 | Ouchstercamp (Interunitéit) | |

Fir d'Unitéit Mammut: Tameng / Eric / Kodiak

# LBB zu Wien ➡ ⬅ Wien zu den LBB

Wëll an den lechten Joren ëmmer mei Lions Bleus op Wien ausgewandert sin hun mier eis geduercht des nei Rubrik an d Liewen ze ruffen. An deser Rubrik wellen mer ierch en Ableck an dess wonnerschein Staat ginn an ierch en puer Kulturell Atraktiounen mi no ze brengen




Lage:

Wien liegt ganz im Osten Österreichs etwa 60km von der Slovakischen Grenze.
Wien ist die Hauptstadt von Österreich und ein eigenes Bundesland.

**Fakten:**

| | |
|---|---|
| Einwohnerzahl | 1.693.024 |
| Fläche | 414,89 km² |
| Bürgermeister | Michael Häupl (SPÖ) |
| Regeiernde Partei | SPÖ |
| Höchster Punkt | 542 m ü. A. (Hermannskogel) |
| Sprache | Deutsch allerdings mit starkem Akzent |
| Öffentliche Verkehrsmittel | 5 U-Bahnlienien, 30 Strassenbahnlienien 106 Buslienien, 24 Nachtbusse |

Bezirke:

Wien ist in 23 Bezirke eingeteilt.
Der 1. Bezirk ist das Zentrum mit der Altstadt.
Um den 1. Bezirk verläuft der Ring.
Die Bezirke 2-9 sind kreisförmig um den Ring verteilt.
Um diese Bezirke liegt der Gürtel der die Grenze zu den äusseren Bezirken darstellt (10-22)




Wappen:

das gegenwärtige Wappen Österreichs, wurde im Jahr 1919 mit dem Rot-Weiß-Rot aus dem Bindenschild und dem Österreichischen Adler eigeführt.
-Der Adler: Souveränität Österreichs
-Der Bindenschild: Emblem von Österreich
-Die Stadtmauerkrone: Symbol des Bürgertums
-Die Sichel: Symbol des Bauernstands
-Der Hammer: Symbol der Arbeiterschaft
-Die gesprengte Eisenkette: Erinnerung an die Befreiung von der nationalsozialistischen Diktatur



Habsburger Dynastie:

Das ehemalige Herrschergeschlecht Österreichs ist nach der 1020 gegründeten Stammburg über dem Aare-Ufer im Kanton Aargau (Schweiz) benannt.
Im 11. und 12. Jahrhundert bauten die Habsburger ihre Territorien aus. Sie erwarben Vogteien und Grafschaftsrechte, so dass sie Ländereien im Zürichgau, in Schwyz, Unterwalden, im Aargau und in Uri erobern konnten. Seit der Wahl König Albrechts II.

1438 stellten die Habsburger fast alle Kaiser des Römischen Reiches bis zu dessen Ende 1806.
Mit Hilfe ihrer Heiratspolitik erwarben die Habsburger im auslaufenden 15. Jahrhundert das Herzogtum Burgund und danach die Kronen Spaniens, Böhmens, Kroatiens und Ungarns.
Mitglieder der Habsburger-Dynastie herrschten als deutsche Könige und römisch-deutsche Kaiser, über Österreich, Böhmen und Ungarn. Der letzte römisch-deutsche Kaiser, Franz II. begründete 1804 das Kaisertum Österreich. Nebenlinien der Dynastie regierten in der Toskana, in Modena und in Parma sowie kurzzeitig in Mexiko.
1806 legte Kaiser Franz II. als Folge der napoleonischen Kriege die Krone nieder; das Heilige Römische Reich war damit de facto erloschen.
Anfang des 19. Jahrhunderts erlöschte die Dynastie immer folglich mehr.
Nach der Heirat der Erbtochter Maria Theresia mit Franz Stephan von Lothringen nannte sich die Dynastie Habsburg-Lothringen.
Im neuen Kaisertum Österreich wurde eine Privatkrone des Hauses Habsburg zur offiziellen Österreichischen Kaiserkrone erklärt
1854 heiratete die bis heute bekannte Elisabeth, Kaiser Franz Joseph I.






## Schloss Schönbrunn

In einem am Hang eines 60 m hohen Hügels gelegenen Augebiet des Wienflusses wird 1311 das Schloss Schönbrunn erstmals urkundlich erwähnt. Die Gebäude wurden 1683 im Zuge der Zweiten Türkenbelagerung bis zur Unbrauchbarkeit beschädigt. Erst 1687 gab Leopold I. für seinen Thronfolger Joseph I. einen repräsentativen Neubau in Auftrag.
1805 und 1809 hielt sich Napoleon mit seinem Gefolge im Schönbrunner Schloss auf. Karl VI. war selbst an Schönbrunn wenig interessiert, schenkte es jedoch seiner Tochter Maria Theresia, die das Anwesen zum kaiserlichen Sommersitz erkor, der es bis 1918 blieb.
1830 wurde dort der nachmalige Kaiser Franz Joseph geboren, und er starb 1916 in diesem Gebäude.
Das Schloss Schönbrunn ist eines der bedeutendsten Kulturgüter Österreichs und seit den 1960er Jahren eine der meistbesuchten Sehenswürdigkeiten Wiens.
Sein Name geht auf einen Kaiser Matthias zugeschriebenen Ausspruch zurück, der hier auf der Jagd einen artesischen Brunnen „entdeckt“ und ausgerufen haben soll: „Welch' schöner Brunn“.
Eine Hauptattraktion im Schlosspark ist der älteste noch bestehende Zoo der Welt, der Tiergarten Schönbrunn.
Heute zählt Schönbrunn 1.441 Zimmer, ein Teil davon ist in Form von 190 Gemeindewohnungen an
Privatpersonen vermietet. Der Großteil der Anlage ist jedoch ein Museum, das jährlich von etwa 1,5 Millionen Touristen frequentiert wird. Der Park und seine Einrichtungen ziehen weitere rund 5,2 Millionen an.
Der Schlosspark selber bietet zahlreiche Sehenswürdigkeiten wie die Gloriette, den Neptunbrunnen, den Obeliskbrunnen, das Palmenhaus, den Irrgarten uvm.

Nadine a Mauro



Neptunbrunnen



Obeliskbrunnen



Gloriette

# Rapport Gruppeversammlung

Rapport Gruppeversammlung

No enger laanger Summerpaus haate mer ons den 19/09/2009 um 14.00 Auer am Gronn béi der Spillplatz rendez-vous gin. D'Wieder huert deen Dag och mat gespillt och wann daat de moien nach net esou ausgesin huert. Mir ware frou das d'Memberen vum läschte Joër bal alleguerten komm sin a nach méi frou waache mer vun onsen 10 néien Memberen. Et gouf direkt e Carré gepaff, an all Branche huert sëch am Carré béieneen gestalt. Als eischt goufen d'Kanner begréisst an si kruten den ooflaaf vum Dag erklärt. Als éischt stung onse grouse Fotoshoot um Programm. Mir waren frou, das e Papp sëch berëd erklärt huert fir déi schéi Fotoen ze maachen do konnt vun ons och jidfereen mat op Foto kommen. Et gouf vun all Branche a Cheffen eng Foto gemaat.D'Gruppefoto dierft och net fehlen an déi hu mer béim Spill gemaat. Wou dat gepackt war goufen d'Kanner a 4 Equipen agedeelt wou kleng a grous gemëscht war. Et gouf e Responsablen vun der Equipe désignéiert dé mir Cheffen am Noutfall konnten uruffen oder och emgedréint. Déi éischt war elo prëtt Fir op de Piste-Poste ze goen. Fir sëch enerwee net ze langwéilen kruten se och e schéinen Froebou mat op de Wee. Ennerwee waren 5 Posten wou se missten Holz schnéiden, Bic an d'Fläsch kréien, Looftballon déi mat d'Wasser gefëllt sin, vun enger Säit op déi aaner schéissen, Waasser duerch een Spannenetz transportéiren an Zu gudder läscht mat enger Schupkarr en Hindernisparcour bewältegen. D'Equipen goufen an engem Abstand vun 10 Minuten op den Trajet geschéckt. Déi 3 Equipen déi missten warden, hun an der zwëschenzäit e Spill gemaat. Et war keen annert wéi d'Woll Spill. Jidfereen krut Crème op sëng Nues gemaat an huert dono probéiert daat stëck Woll vun Nues zu Nues wéider ze gin. Dono wollten d'Kanner baal net méi ophaalen. Sou géint 17.30 mat engem klëngen retard war och déi läscht Equipe béi onsem Home agetraff. Mir als Cheffen ware Frou das sou fill Kanner do waren an ech géif mëngen das d'Versammlung béi grous a klëng a gudder Erënnerung wärt bléiwen.

(Text: Kodiak - Foto: Tahr)













# Rapport Montée

Rapport Montée

## Rapport Montée den 3-4. Oktober 2009

### Samsteg, den 3. Oktober2009

Wou mir am Home unkoumen, hun mir eis mol direkt am Dortoir installéiert.
Duerno sinn mir an den groussen Sall gaang, an d'Cheffen hunn eis erklärt wéi d'Montée ooflaafen géing. No den Erklärungen hun mir e klengen Traget gemaach. Nom Trëppelen hun mir dann nach eppes guddes giess. Fir sëcher ze sinn dass mir alles verstaan hun, hun d'Cheffen eis nach eng Kéier erklärt waat mir maachen missten.
D'Vanda, d'Breeze an den Ludovic sinn op dem éischten Deel vun der Montée gewierscht. Sie sinn natirlech zu Fouß gaangen, während den Nicolas, den Dylan, d'Catherine an ech gefouert ginn sinn.
Op der Plaaz ukomm, huet jiddereen vun deenen déi gefouert ginn sinn en Stëck Holz bis bei Feierplaaz bruecht. D'Catherine ass bei der Feierplaaz bliwwen. Mir goufen am Bësch um zweeten Deel vun der Montée opgedeelt. Den Nicolas fir d'éischt, dann ech, an zu gudder Letzt den Dylan.
Mir hun eis verstoppt an gewuardt dass déi futur Scouten sollten kommen. Ech hun mech beim kaalen setzen zwar gelangweilt, mee den Nicolas haat sain Ipod Touch fir ze spillen derbai.
D'Wellefcher déi erop komm sinn, kruuten no der éischter Etapp vun den Cheffen mam Foulard d'Aan verbonnen an kruuten en Pullover iwwer den Kapp gezunn... Sie goufen dun mam Auto bis zur zweeter Etapp gefouert an sinn virum Bësch nees entloos ginn. Sie sinn allkéiers zu zwee mat enger Faackel komm. Eis Aufgab war ët se ze erschrecken an hinnen den Wee ze weisen. Wou sie allegueren laanscht woren, sinn mir mat villen Oofkierzungen virun hinnen op der Feierplaaz ukomm. Wou dann jiddereen bei der Feierplaaz wor, goufen d'Verspriechen vun den neien Scouten gemaach. Ausserdem sinn vill Bädcher an "Patrull vum Joër" verdeelt ginn. Nach e puer Beans sinn giess ginn an dun sinn mir alleguer gemittlech an d'Home zeréckgaangen.
Tamia haat eis versprach dass mir op der Montee en „Chipsen-Owend" maachen giffen, awer ët gouf op den Viz Weekend verluecht, well ët schon spéit wor an d'Wëllefcher ëmmer moies fréi virun eis waackereg sinn. Mir sinn dun schloofen gaang.

### Sonndes, den 4. Oktober 2009

Moies sinn mir erwäscht an mir hun direkt ugefaangen mat apaacken. Dun sinn mir alleguer eraus virun Home gaangen fir Frühsport ze maachen an duerno hun mir mol eppes giess. Nom Kaffi drénken an spullen sinn d'Wëllef e Spill maachen gaangen an fir eis war d'Aktion „Home botzen" ugesoot. Nom Botzen hun mir gegrillt. An nom Grillen hun mir eng „Chaine des adieux" gemaach an mir sinn alleguer Heem gaangen.
Samuel Lemoine







Rapport Vizweekend

## Rapport Vizweekend 2009

**1.Daach**

Also, den 1. Daach hun mir ons moies um 9 Auer beim Home getraff. Hei haaten d'Cheffen Posten organiséiert, wou een d'Scoutstechniken geléiert krut. Et woren 4 PostenBei deem 1. Posten huet den Tameng eis den Réimer erklärt an wéi en mat deem schafft. Bei deem 2. Posten huet den Tahr eis déi verschidden Zeechen op der Kaart erklärt an gewisen wéi een sëch op der Kaart orientéieren kann. Beim 3. Posten huet den Kodiak eis gewisen waat e Kompass ass an wéi een Koordinaten kann domat sichen, an beim 4. Posten wor den Lex deen eis geléiert huet wéi een mam Kompass peilen kann oder eppes unpeilt… No deem ganzen Getriwwels mat Kaarten, Linealen, Geodreieck, Réimer an Kompass… hun mer eis an verschidden Autoen opgedeelt (ech an den Sam woren beim Tamia) an mir sinn bei den Grizzly Heem gefuer, wou mer zu mëttes giess hun: Bréidercher an waarmen Bouillon. No e puer Minuten an der Gaardenaarbëscht huet den Nicolas Fisch(er) ët gepackt fir sëch mat engem Messer an d'Hand ze schneiden. Dofir konnt hien den Trajet nët matmaachen, deen mer duerno an puer Minuten ugefaangen hun. D'Gruppen sinn elo gemaach ginn: Ech wor den Leader vun menger Equip: den Dylan, den Sam an ech. Mir woren beim Tameng am Auto. Hien huet eis bis op eng Plaaz gefouert an mat dem 1. Message alleng gelooss. Weinst menger sinn mer dun direkt an déi falsch Richtung geträppelt. Mir sinn iwwer 30 Minuten duerch den Bësch gaang, bis ech mech iwwerhaapt gefroot hun op mer richteg wieren. Dunn sinn mer zerèck bei Kierch an Duerf gaang (nodeems mer dem Lex ugeruff hun) an hun do den 2. Message fonnt. Mir hun missten an en aanert Duerf goën (do sinn mer ganz gudd eenz ginn ), an den Nicolas ass ënnerwee an ons Equipe nokomm. Am Duerf ukomm hun mer den Message nët fonnt an hun dann nees dem Lex ugeruff . No laangem sichen, hun mer en awer fonnt. Daat wor en Message fir mam Réimer an mir hun dëst richteg gemaach. Mee mir woussten nach nët dat den Misär géing eréischt richteg ufänken. Mir missten den Bësch ganz duerchqueren, an an deem Bësch woren vill Weeer. Ech hun dann eppes ungepeilt mam Kompass, an sinn an den Bësch erangaang. Wou mer dann eng Paus gemaach haaten, hun ech den Nicolas gefroot fir mer den Peil um Kompass ze weisen an hien soot mer hien hätt den Peil versaat op onsem Ziel, mee mer woussten guer nët wou d'Ziel wor!! No enger Stonn ongeféier woussten mer nët méi wou mer waren an ët huet ugefaang donkel ze ginn. An do ass alles schlëmm ginn. Jiddereen hat mol als 1. Angscht. Den Sam ass ganz, ganz, ganz schnell gaang an wollt nët op den Dylan warden. Den Dylan huet ugefaang ze kreischen an ze blären mir sollten op hien warden an en hätt Angscht. Ech hunn him gesoot mir géifen méi lues träppelen mee hien ass stoën bliwwen an dunn misst ech den Sam unhaalen fir dat en stoën bleiwt. Den Dylan huet dun Béises geblärt... Herno wou









Rapport Vizweekend



Mer nees wollten weidergoën, huet den Nicolas ugefaangen iwwer Horrorfilmer ze schwätzen an ech hun dann dem Lex ugeruff anhien soot mir sollten erem an Duerf goën wou mer den 3. Message fonnt hun. Mir hun (mat Gléck) den Wee eremfonnt an sinn dann op d'Felder iergendwéi eraus aus dem Bësch komm. Mir sinn iwwer den Droot geklomm an erem am Duerf ukomm. Den Lex wor mam Auto do an huet ons bis bei den Chouch matgeholl. Do hun mer gudd giess an hun en Nuetsspill gemaach. Nom Nuetsspil hun mer nach nogeholl waat mer op der Montée sollten maachen: Chipsen giess an epps gedronk an sinn duerno an d'Bett gaang.



**2.Daach**

Deen Daach sinn mer um 7:40 Auer erwäscht ginn. Ët wor fir ons schwéier opzestoën no dëser unstrengender Nuet (den Dylan huet während dëser Nuet dauernd geschnaarscht (...) ) opzestoën. Ausser den Pit, deen haat ët jo gudd, well hien Ouerensteppsen dobai haat. (Gléckspilz). Mir hunn ons dann ugedoen an den Rucksaak gepaack an hun Kaffi gedronk. Herno sinn mer raus gaang, wou alleguer Beaver an Wëllefcher do woren an hunn d'Beaver e bëssen mat Spiller an Animatioun beschäftegt. Bis sie hier Spill-posten ugefaangen hunn. Mir missten dann alleguer d'Äppel wäschen (350 kg Äppel -_-') an wou ech wollt Këschten mat Waasser fëllen, sinn ech ganz naass ginn. Also, mir hunn d'Äppel dann gebotzt, bei den Häxler transportéiert an Fläschen opgefëllt (während dem ganzen moien) bis Beaver an Wëllefcher färdeg woren. Dono ass gudd gegrillt ginn. No all deem sinn mer an den Bësch gaang fir en Fändelspill ze maachen an dun sinn mer rëm zereckkomm an hun d'Fläschen Viiz ausgedeelt an sinn Heem gaang.
Ludovic Lemoine (Hamster N°1 )







# Rapport Elternversammlung

Rapport Elternversammlung

Wéi mer an der läschte Wandrous annocéiert hun, haate mer den 24. Oktober 2009 ons traditionelle Elternversammlung oofgehalen. Mir als Cheffenéquipe waren immens frou das esou vill Elteren der Invitation nokomm sin. Mat e puer Minuten retard hu mer dann d'Versammlung ugefangen. Am Ufank haat ech den Elteren matgedeelt das mer d'Elternversammlung a 2 deelen well zum Schluss gouf just nach iwwert de Camp Corse geschwaat an do waren d'Beaver, Wëllef a jonk Scouten net concernéiert. Als éischt goufen d'Cheffen présentéiert mat hieren jéweilegen Fonctionen. Déi nächst hallef Stonn haat ech d'Saach fest am grëff an hun de Programm vum Scoutsjoer 2009-2010 présentéiert, Fnel's Shop, Lions Bleus Shop, Lions Bleus Site a Wandrous erklärt. Wou ech méint eroof haat war et dun un de Branchen hier enzel Programmer virzstellen an op méi genau Détailer anzegoen. Fléisseg hun ons Iwersätzer onse auslännesche Bierger sou gud wéi méiglech den Text iwersaat. Natirlech kruten d'Cheffen eng helle wull vu Froen gestallt an hun propéiert précise drob ze äntwerten. No enger decker Stonn war den éischten Deel vun der Versammlung eriwwer. De Lap-Top gouf gewierselt, an do as och schons déi éischt Foto (Corse) projecéiert gin. Paco haat sech extra vill méi gin fir eng flott Power-Point Présentation ze maachen wou de Grizzly déi néideg Erklärungen gin huert. Léif Elteren mir soen Iech Merci fir ären Intressi a waarden op är nächst Froen !!! .









Text a Foto: Kodiak

# Rapport Halloweenweekend vun den Scouten



Samstes den 7.November huet eisen Halloweenweekend um 9.20 op der Gare vun Letzebuerg ugefaang.
Mir woren schon all komplett, an dun sinn den Christophe an den Lex komm. Leider konnt d'Catherine nët kommen well hat krank wor . Fir erauszefannen wou ët hingeet hun d'Cheffen eis dann och direkt eng Aufgab/Message ginn mat enger Geheimschrëft. Mir sinn nët färdeg ginn, mee kruuten dat Wichtest awer schon eraus, dat wor den Zuch fir op Ettelbréck ze huelen.
Den Lex ass dun fortgefuer mam Auto op Réiden an den Christophe ass mat eis komm. Am Zuch hun mir dann och weider decodéiert, an mir hun dann och ugefaang Fotoen ze maan.



Zu Ettelbréck ukomm hun mir dann direkt den Bus N°250 geholl fir op Réiden ze fueren. Am Bus hun mir dann och rëm nees Fooootoen gemach. Zu Réiden rausgeklomm sinn mir dann bis bei d'Gemeng getrëppelt, wou mir den Lex gesinn hun. Hien huet eis eng Kaart ginn, déi mir grouss opgemaach hun an kruuten duerno eng Koordinaten. Mat dësen an mam Réimer hun mer den Wee vum Trajet missten sichen. Den Lex huet eis grouss Plastikstuuuten ginn, déi hun mir all ronderem eisen Rucksack gemaach falls et reenen géif. Haha mir sinn schlau! Mir sinn Richtung Ell getrëppelt an sinn op den laaangen Trajet lassgaang. Mir hun ongeféier 7-10 Pausen gemaach! (Rekord géif ech soen xP) Um 13 Auer hun mir d'Tamia, den Lex an den Christophe an engem klengen Bauernduerf bei enger Kierch getraff. Hei hun mir eng hallef Baguette an e puer Schmieren mat tutti-quanti giess.



Nom Iessen ass et rëm mat engem Message weidergaang, an den Trajet huet nees ugefaang. Ennerwee hun mir eng „**FETT**" Paus gemaach, wou mir Hammerschießen mat den Maiswuerzelen gemaach hun an se an den schéinen bloen Himmel geschoss hun =) . Um Trajet sinn mir och oft duerch Felder gaangen fir en méi kuerzen Wee ze trëppelen.
Beim AGGL Home zu Kolpësch ukomm hun mir eis Kleeder (déi voller Bulli woren) gewiesselt an e gudden Bouillon gedronk. Wou et eis nees waarm wor sinn mir komëscherweis rausgaangen fir Verstopjëss am Deischteren ze spillen. (Et wor deck cool ^^ ). No 1 Stonn sinn mir rann gaang. Den Kodiak an d'Nandu sinn eis besichen komm. =D Mir hun mexikanësch WRAPS mat Chili Con Carne, Reis an Gemeis, Kéis, Guacamole an Salsa…giess.



Nom Iessen hun mir Chargen gemaach. Speider am Owend hun mir eng Veillé gemaach. Mir hun eis waarm ugedoën an sinn raus gaang. Mir sinn duerch d'Felder gaang bis mer op enger Platz unkoumen an kruuten eng Geschicht verzielt. Dann hun mir ungefaang ze spillen. No ongeféier 2 Stonnen sinn mir rëm zerèck bei AGGL Home getrëppelt. Am Home hun mir eis ronderem den Dësch gesaat an hun den schwarzen Théi gedronk deen den Christophe





# Rapport Halloweenweekend Vun den Scouten

gemaach huet an mir kruuten nach e gudd Stéck Schokolat. Nom Théi sinn mir dann all um 11.30 an d'Bett gaang. =)

**SCHAEFER Raphaël**



Sonndes 8.November:
Moies woren mer opgestaan an missten direkt mol de Kuerf paaken fir duerno Frühsprt ze maan. Nom Moiesiessen huet all Patrull en Kürbis ausgeholl an eng Grimass drangeschnitzt. Dunn hun mer Muerten geschielt an den Lex, Tamia an den Christophe hun eng Muerten-Kürbiszopp gemaach. Während dem hun mir am Dortoir Verstopjes gespillt. Wei mer virum Mettegiessen nach Zait haaten huet den Christophe eis den Foulardsknuet gewisen. Dono hun mir Mettegiessen giess. Nom Mettegiessen hun mer den ganzen Chalet gebotzt. No der Botzaktioun kruten mer M&M´s an zwee stecker Kuch ze iessen. Donot hun mer eis ebessen mat eisen Botzdicher zerklappt. Do war den Week-End och schon riwwer, hun den Bus geholl an sin op dßGare gefuer. Do geufen mer dan fun eisen Elteren ofgeholl.
**SIETZEN Pit**



# Rapport Truppenversammlung Vun den Scouten

**<u>Truppenversammlung 10 Oktober 2009</u>**
Um 14:00 Auer hun mir eis all fir d'Truppenversammlung beim Home zu Bouneweg getraff.
Mir sinn an den Dortoir gaang. Déi méi aal Scouten hun eis den Ënnerscheed zwëschen der Meute an der Troupe erklärt. Duerno huet Een deem Aaneren sëch fiirgestalt an vun sëch eppes verzielt. Mir hun zimlech laang geschwaat. Mir sinn dun nach gewuer ginn welch Campen an Weekender an der nächster Zäit feststinn (Allerhelliencamp, Chreschtcamp...an grouss Aktivitéiten). Et wärt en ganz flott Joër ginn. Ebenfalls as och gekuckt ginn welch Sortien an Weekender mir wëllen dëst Joër machen. Mir hun d'Badger déi mir machen wëllen natierlech och schnell duerchgeholl an hun eng Lëscht opgesaat mat deenen Aktivitéiten déi mir dëst Scoutsjoër gären an der Patrull oder an der Trupp géifen machen. Nodeems d'Loft am Dortoir sou lues ganz schlecht ginn ass sinn mer nach e puer Minuten eraus an d'Loft gaangen an schon war d'Versammlung eriwwer.
Sophie Folmer

**Truppenversammlung 14.11.09**
Wei all Samsteg huet sech Troupe um 14h beim Home getraff. Mini-Carré ass gepaff ginn (mat 8 Leit kann een keen scheinen Carré maan) Mir kruten erklärt dat mir Patrullenweis zwee Posten maachen géifen. Beim Lex an Christophe missten mir probeieren richteg een Rucksack anzepaacken. An well mir dat net ganz richteg konnten kruten mir gewisen wei een dat richteg mescht.:P Beim Tamia konnten mir een Progressionstablo maan. Badger missten aus dem Pabeier ausgeschnidden an dann plastifi-zeiert ginn, mee et ass net sou richteg gaangen wei Tamia sech daat fiirgestalt haat... Mir hun dei eenzel Badger an den Plastik geluescht an dun zou geklappt. Mee den Plastik huet all d'Badger elektresch ungezunn an durcherneen gemaach. OK alles vun fiirmaachen, reischt bei der zweeter kèier huet et geklappt. Dunn missten mir déi plastifizéiert Badger schon nees ausschneiden... (Tamia an ech kruten schon een Kremschen am Fanger ) Déi aaner hun hier Plack schon prépareiert, Linien agezeechent. Den Rescht konnten mir nach net maachen.. mir sinn eben lues Kanner...
Breeze Van Eck

# Rapport Explorerformation
Rapport Explorerformation

## Fréides, den 6/11/2009



Den 1 daag hun ma eis um 10 auer zu Reiden op der Attert beim Lyée getraff, wou ma dun nach eng halfef Stonn bis op den Lechten gewart hatten bis eis et dun ze vill gin as an ma allt an den Cactus akaffen waren weu en dun och no kom as. Dun hatte ma eigentlech misten mam Bus bis op den Misärshaff kommen wat dunn awer leider net gang as well kenn bis dei neckst 2 Stonnen mei gefuer as, doweinst hun ma eis misten iegentwei mat den Rucksäck an d' Autoen fun de Formateuren quetschen. Um Misärshaff ukom hun ma mol ugefangen mat Kachen, Weinzossis mat enger guder starker Mochterzos mat Spetzlen vun denne ma 4 kilo kaf haten da dofun awer leider nemmen 1 an en halwen gemach hun (fierwat kee wees et). Dorops hin haten ferschiedener, (dei weu net gekacht hatten) nach e bessen honger. Wei ma dun mat spullen färdech waren hatten ma kuerz bis ma ness zu owen gekacht hatten e bessen iwerd Thema Kommunikaton geschwaat mat prakteche beispiller. Owes geeuf et dun Bauerenomlett ze iessen. Nom spullen hatte ma ness e besse Theorie, no deer man du awer e klengen Droping hatten( net grat en imens schweieren). Wei ma dun erem do waren no 2 stonne, hate ma eis nach en gemitlechen owent gemach bis ma schlofen gange sin.





## Samstes, den 7/11/2009

Mier sin moies um halwer 8 opgestan weu ma doropshin eran gange sin an gefrühstuck hun. Nodems ma gespullt hatten hun ma e klengt spill zu Thema Komunikation gemach hun fier richteg wakrech ze gin. Dat ganst hat awer net vill genotst wel ma duerno 2 Stonnen drechen Theorie hatten bis ma fiert mettechiesen gekacht hatten, et geuf Schnitzel mat Schupfnudeln. Nom Mettechiesen hatte ma nach e bessen Theorie an duerno e bessen 'Geologie', duerno hun ma dun e klengen Tuer an da geigent fum Misärshaff gemach. Wärentbems hun 2 Formateuren well Tomatenzos mat Gehacktes prepareierd. Nom spullen hatte ma nach e bessen Theorie no dere ma dun awer nach e bessen GBS hatten bis ma schloffen gange sin.



## Sonndes, den 8/11/2009

Moies hatte ma e besse verschlof bis kuerz fierun 8 sin ma dun awer aus den Penntutten gekroch, nom Kaffi sin ma dun awer gud ukom an hatten ald ness Theorie iwerd Thema Drogen.Wei ma dunn mat der Theorie ferdech waren, hun ma d´Mettechiesen prepareiert an zwa erem Fleesch, Geschnetzeltes mat curry Zos an dem rescht spètzelen. Nom Mettechiesen hun dei eng geschpullt an dei aner alt ugefangen den Haff ze botzen. Wei ma du alles gebotzt hatten geuf nach jitfer enzelnen evalueiert an dun konnte ma goen.



Text: Eric - Foto: Tahr

# Dem LIB séng Säit: Den LIB séng Säit:

**Dir kënt dem LIB hëllefen an deems der folgend Aufgaben léist...**

| | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 8 | | | 6 | | | | |
| 2 | 1 | | 7 | | | 5 | |
| | | | | | | | |
| | | | | | | | |
| | | | | 8 | 7 | | |
| 9 | 6 | | 1 | 5 | | | |
| | | | | | | 2 | |
| 9 | | | | | | | |

**ARUKONE**

Regelen

Verbannt jeweils 2 Felder vun der Selwëschter Zuel mateneen mat enger Linn. Déi eenzel Linnen laafen vertikal oder horizontal tëschend den Mëttelpunkten vun den Felder, paralell zu den Rasterlinnen. Ët dierf keen Feld duebel benotzt ginn, beispillsweis dierfen d'Linnezich sëch nët kräizen.



1) Weini schmaachen déi kleng Gromperen am Beschten?
2) Firwaat street eng Blondinn Peffer op hier Tele?
3) Firwaat ass eng Ziamonika daat eelsten Instrument op der
4) Firwaat rappt eng Blondinn als éischt Dier eraus ier se op Toilette geet?
5) Welch Déier dréit sëch no sengem Doud nach mehrmols ëm 360°?
6) Firwaat spréngt eng Blondinn mat zwee Féiss op den Schlauch?

**Klengt Krëschträtsel:**

Dir fannt folgend Termen vertikal an horizontal...

| | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| X | L | D | M | S | T | A | E | R | E | N | U | Z | P | R | I | N | T | E | N | I |
| G | E | Q | S | C | H | O | O | F | O | A | E | P | P | E | L | F | C | Z | U | M |
| H | K | I | C | H | E | L | C | H | E | R | S | B | S | R | H | L | S | E | G | A |
| N | J | Z | X | L | S | A | L | S | C | U | K | R | A | N | Z | A | C | M | E | N |
| K | T | E | F | I | C | G | N | E | S | S | U | J | N | U | E | C | H | T | L | D |
| L | A | M | E | T | T | A | X | I | W | A | G | Z | G | I | D | K | A | S | K | A |
| E | B | T | Z | T | K | P | R | C | L | F | E | I | E | R | F | E | A | T | B | R |
| E | G | Y | I | T | W | A | L | M | S | Q | L | O | N | J | G | N | L | A | O | I |
| S | W | H | T | F | T | A | E | U | D | N | E | N | G | E | L | Y | S | E | X | N |
| C | Y | K | R | E | S | C | H | T | K | A | N | D | V | M | L | N | X | R | E | N |
| H | V | A | O | I | A | K | B | Z | T | D | F | I | D | A | P | A | T | E | M | R |
| E | A | D | U | E | R | E | O | I | Q | V | A | K | A | N | Z | Q | B | N | A | N |
| N | N | O | N | R | I | N | F | Z | S | E | I | S | E | D | E | W | A | H | E | Y |
| Z | I | E | E | E | N | M | X | B | G | N | S | C | K | E | K | A | A | L | N | S |
| U | L | N | Z | N | W | O | W | E | N | D | E | H | Y | L | T | N | M | V | N | P |
| M | L | S | C | X | G | V | V | T | R | W | S | N | P | E | X | T | O | G | C | E |
| A | E | I | J | W | K | T | B | H | U | N | N | E | G | N | U | E | T | L | H | K |
| K | K | R | E | P | P | O | R | L | H | E | L | I | D | D | E | R | C | U | E | U |
| R | I | J | B | S | C | H | N | E | I | T | B | M | C | O | A | B | E | E | N | L |
| O | P | Q | H | L | R | E | S | H | S | U | K | A | E | R | Z | E | N | H | L | A |
| U | F | B | O | R | A | N | G | E | M | K | I | N | N | E | K | E | N | W | M | T |
| N | E | X | S | A | D | K | T | M | J | R | A | N | I | S | U | D | G | A | Q | I |
| E | R | U | N | K | R | E | S | C | H | T | S | T | O | L | L | E | N | I | J | U |
| N | L | I | E | F | K | U | C | H | D | O | M | I | N | O | S | T | E | N | G | S |

**HORIZONTAL:**

STAEREN ; PRINTEN ; SCHOOF ; AEPPEL ; KICHELCHER ; KRANZ ; NESS ; NUECHT ; LAMETTA ; FEIER ; ENGEL ; KRESCHTKAND ; VAKANZ ; KAAL ; OWEND ; HUNNEG ; KREPP ; LIDDER ; SCHNEI ; KAERZEN ; ORANGE ; KINNEKEN ; ANIS; KRESCHTSTOLLEN ; LIEFKUCH ; DOMINOSTENG...

# WANDROUS NEWS Wandrous News



Chouch

Den Clan vun den Lions Bleus deelt mat dass si um Vizweekend en neien Member an hierem Clan opgeholl hun, an daat ass den TAHR timorié (FAY Paul). Si wënschen him all Gudds op séngem neien Scoutswee.

Freides den 29.Januar 2010 um 19:30 Auer ass den bloen Léiwen hier Assemblé générale. Duerno maachen mer fir déi Leit déi interesséiert sinn e SPILLEROWEND am Home. Dofir denkt drun bescheed ze soën an aer ganz Spillkëschten matzebréngen.

19.GALA Diner

Haalt ierch schon mol den 14.März 2010 fräi, fir dat mir Ierch an eisem Home kënnen begréissen an e flotten Sonndegmëtten zesummen verbréngen.

Roverweekend den 5-6 Dezember 2009 zu ???

Der Wandrousredaktion léit nach näischt punkto Roverweekend fiir. Et wier gudd wann d'Organioun der Wandrousredaktion oder dem Gruppenchef an d'Bild géif setzen. Merci!!!

# WANDROUS fnel NEWS Wandrous fnel News

FNEL SCOUTS-SHOP
**Adresse:**
43, rue de Hollerich
L-1741 Luxembourg
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:
17:30 - 19:30
10/12/2009
14/01/2010
04/02/2010

**EXPLORER-ROVER RAID** den 08-09/01/2010
Hei sinn nach nët vill Informatiounen do, mee waat mer Ierch schon kënnen soën ass dat ët moies lassgeet an den Raid iwwer den Daach geet. Owes gët dann den Anniversaire vun den Explorer gefeiert (30Joër, falls een dëst nët wéisst:)) Dofir markéiert Ierch den Datum an ärem Agenda oder I-Phone...fir mat hinnen kënnen ze feieren.
Weider Informatiounen kri der nach vun der Bréifdauw...

**ALLGEMENG Datumer:**

01/12/2009 Verre de l'amitié am Quartier
15-17/01 an 22-24/01/2010 Tronc commun
31/01/2010 Wëldiessen um Misärshaff vun den Misérables
25/02/2010 Réunion semestrielle zu Miersch

# WANDROUS NEWS Wandrous News




## Kalenner 2010

Jo en as **elo do**, den néien FNEL's Kalenner fir d'Joër 2010. E wichteg Stëck, daat an all Haus net fehlen dierf. Praktësch as en och nach dobéi wëll dier kënnt Iech all Lions Bleus Datumer héi dran vermierken wéi och är Privat.

Wou krid ën daat gud Stëck, natirlech am Lions Bleus Shop fir ganzer 5 € ab de 15. November 2009

Das mer net drop sëtze bléiwen gin et just 30 Lions Bleus exemplairen. Dofir réservéier dir déi Kalenner schons.




Lions Bleus Shop

De Lions Bleus Shop as fir nächst op vun 15h45 bis 16h15 den:
12/12/2009 - 23/01/2010 - 6/03/2010 - 24/04/2010 - 5/06/2010 - 3/07/2010

# Cotisatioun 2010 Cotisation 2010

E Kalenner-Scoutsjoër ass eriwwer daat nächst Kalenner-Scoutsjoër fängt un (WOW)
Wi all Joër ass d'Cotisatioun vir all d'Member vun den Lions Bleus fälleg. Dëst Joër sin **25,00** Euros op den Compte **CCP LU82 1111 0498 5493 000 vun den Lions Bleus** ze iwwerweisen.
Fir dës **25,00** Euros kriss du:

- d'Recht un den Activitéiten vun den Lions Bleus délzehuelen
- d'WANDROUS hémgeschéckt an daat 5 Mol während dem Scoutsjoër
- eng Assurance di aspréngt wanns de en Akzident bei den Scouten huës

Vir ze verhënneren dat mer mussen vill deier Plaz an der WANDROUS mat Rapellen versauen, den Dierwiechter bei di verschidden Leit schécken di nët oder ze spéit iwwerweisen, oder soss opwenneg juristesch Schrëtter ënnerhuelen ass all Member gebieden seng Cotisatioun soubal ze iwwerweisen wi dat d'Memberskaart ukennt.

Well mir jo Scouten sin, vertrauen mir Dir an schékken Dir als Zéchen vun guddem Wëllen d'Memberskaart vir d'Joër 2010 zou, ieren dat bezuelt ass.

Dofir ass et elo un Dir fir ze iwwerweisen, oder dofir ze suergen dat Deng Memberskaart esou séier wi méiglech bezuelt get.
Den Finanzminister ass Dir op all Éiwegkeet dankbar.



De Finanzminister
(alias Eyra farceur)



# TECHUANA 2010TECHUANA 2010

## TECHUANA 2010

**"Der Berg ruft"**

**Elterenversammlung**

Den 16.Dezember 2009 um 19:15 Auer am Home vun den Lions Bleus.



**Fir déi Leit déi matginn ass dës Versammlung obligatorësch.**

Hei kriss du all weider Informatiounen iwwer den Camp, Chalet, Programm, Skipisten, Wierder, Skipisten, Matérial, Skimatérial an nach villes méi.

Ausserdem kriss du hei och däin perséinlechen Dossier mat der Fiche Médicale, enger Apaacklëscht an eng Lëscht mat den Pabeieren déi mir nach brauchen (p.ex.Autorisation parentale)

"Mir freen eis schon op den Schnéi d'LBB Schnéihuesen"



# Dem LIB séng Opléisungen:Dem LIB séng Opléisungen:



1) Wann keng grouss méi do sinn!
2) Fir dat d'Bild méi schaarf gët!
3) Well ët déi meeschten Faalen huet!
4) Fir dat keen duerch d'Schlëssellach kuckt!
5) Poulet op der Grillstaang!
6) Sie hätt gären platt Waasser!



# et schengt

et schengt

01) das d’Lions Bleus en néien Wandrousdrëcker hätten
02) das d’Lions Bleus ké Gruppechef méi hätten
03) das verschidden dëck Bieren aus der Fnel owes spéit nom läschte Patt ganz nervös hier Schlësselen géife sichen
04) dat Scouten op hierem Halloweekend flott Kürbissen geschnëtzt an eng gudd Zopp draus gekacht hun
05) wie wann eist Adjoint-Poni eng konkret Fro zur der Ënnerschrëft vum CG op der Déclaration gestallt huet
06) dat een haut keng Täschluucht méi brauch an den Scouten, an wann eng do ass sinn d'Batterien platt
07) wei wann dëst d'Scoutsjoër gudd géif ufänken punkto Gruppen- & Elterenversammlung...
08) wei wann d´Kaweechelechen en Attentat op den Lemur ausgeübt hät
09) wei wann den Déngcht vun der Mettwurcht ness bewissen hatt wei gutt dat en kachen keint
10) wéi wann och emol en Aaf kann pickech sin
11) wéi wann een nët alles am Internet kann kréien
12) dat d’Scouten zwee gruschleg Halloweenkürbissen geformt hätten
13) wei wann d’Scouten sech um Allerhellientrajet un der Agrarbiologie interresseiert hätten
14) wei wann d’ Pony seng Vollecksкutsch schon erem geteitscht krutt hätt
15) dat d’Scouten am Home am Eisleck geziddert hätten an d’Heitzung gestreikt hätt
16) wei wann d’Wellefcher sech prächteg zu Remeleng ameseiert hätten
17) wei wann ma am Wellefchersstaff Nowuers vun Walfer kreien geifen
18) wei wann d’Spawecken sech gleich duerch daat ganzt Uniteitszemmer zeien
19) wei wann an 33 Deeg den kompletten Prinzessineclub erem zu Letzebuerg geif hausen
20) wei wann Kreschtdaag eng Zaitrees ennerholl giff gin
21) wei wann den Explorer hieren Schatz erem do wier

# et schengt net nemmen

et schengt net nemmen

01) das den néien, aalen Drëcker elo der Fnel hier Copysmaschinen géif besëtzen
02) wéi wann den opmierksamer Wandrouslieser gemierkt huert das de Gruppechef an seng adjoint net béi der Présentation Cheffen dobéi waren
03) wéi wann de klënge Bier op Toilette gaangen as an do béi de “Loutres News” Schlësselen fonnt hätt
04) daten déi Kürbisfratzen gudden an mannergudden Androck op der Wierkbänk hannerlooss hätten
05) dat eisen CG Bier ëmmer mat senger richteger Ënnerschrëft ënnerschreiwt an nët mat senger Bierenschrëft
06) wei wann nom Nuetsspill um Viizweekend um Halloweenweekend jiddereen seng Täscheluucht mat Ersatzbatterien dobai haat
07) dat eisen Grupp sech multikultiméisseg vergréissert hätt an mir gläich Dolmetscher brauchen fir eis Versammlungen
08) wei wann den Lemur fun streienen Kierf getraff gin wier
09) datt Cheffen um Schaffweekend super verwinnt gi wieren
10) wéi wann den Aaf bal eppes wéi en Cactus war
11) wéi wann een ouni eng Auslännesch Hëllesadress nët alles an ons klengt Ländchen geliwwert kréicht
12) dat die schon no enger Woch zimlech hooresch gin sin an no 2 Wochen schon Been krut hätten
13) wei wann se mam Bauer sengem Mais Wettschéißen gemach hun
14) dass eng nei Kutsch erausgesicht gi wier wou 120 Paerd vierdrun gespaant kenne gin
15) dass se rem hezegerweis moies nees gang wier
16) wei wann d’Zukunft vun eisem Nationalen Stoolkonzern gerett wier
17) wei wann den Entusiasmus mei grous wier wei d’Steck bis an d’Staat
18) wei wann eng Persoun alleng dest bekämpfen keint
19) wei wann nach keen Casting vier en Asatz vun der Prinzessin Nummer 2 orgaiseiert gi wier
20) dass d’ Kanner eng experience maachen giffen an an engem Schlass iwernuechten giffen
21) wei wann en eng lang Ress gemach hätt

les amis des lions bleus

Melle Meyer Arlette - MM Majerus TIna - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - MM Schumarini-Leuk Egidio - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - MM Kremer-Braun - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - M Goergen Claude - Mme Federmeyer Berthe - M. Grün Joe - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Thibo Charles - M.Rohmer Kevin - MM Kohn-Mergen Christiane

D’ Wandrous no 325 as zesummengesaatgin a fortgeschéckt gin: Kodiak, Tamia, Lex, Paul, Christophe a Tameng

**Un der WANDROUS N°326 hun matgeschafft:**
Samuel a Ludovic Lemoine / LIB / Maîtrise Beaver - Wëllef - Scouten a Explorer / Techuana Equipe / Staff Corse 2010 / Tamia / Breeze Van Eck / Raphaël Schäfer / Sophie Folmer / Kodiak / Chouch / Eric Holzem / Tahr / Sietzen Pitt

# Programm Wandrous

de Wandrous - Programm

## dezember'09

| | | |
|---|---|---|
| Dë | 1 | Verre de l'amitié |
| Më | 2 | Permanence |
| Do | 3 | |
| Fr | 4 | KLEESCHEN LBB |
| Sa | 5 | keng Versammlungen<br>ROVER-WEEKEND LBB |
| So | 6 | ROVER-WEEKEND LBB |
| Me | 7 | |
| Dë | 8 | |
| Më | 9 | Permanence |
| Do | 10 | Scout-Shop<br>17:30-19:30 |
| Fr | 11 | |
| Sa | 12 | Beaver/Meute/Patrull/Explorer<br>LBB-SHOP |
| So | 13 | |
| Me | 14 | |
| Dë | 15 | |
| Më | 16 | Elterenversammlung TECHUANA<br>Permanence |
| Do | 17 | |
| Fr | 18 | |
| Sa | 19 | KRËSCHTCAMP<br>Beaver/Meute/Trupp/Explorer |
| So | 20 | KRËSCHTCAMP<br>Beaver/Meute/Trupp/Explorer |
| Me | 21 | KRËSCHTCAMP<br>Beaver/Meute/Trupp/Explorer |
| Dë | 22 | |
| Më | 23 | |
| Do | 24 | |
| Fr | 25 | |
| Sa | 26 | keng Versammlungen |
| So | 27 | |
| Me | 28 | |
| Dë | 29 | |
| Më | 30 | |
| DO | 31 | SYLVESTER |

## januar'10

| | | |
|---|---|---|
| Fr | 1 | |
| Sa | 2 | keng Versammlungen |
| So | 3 | |
| Me | 4 | |
| Dë | 5 | |
| Më | 6 | Permanence |
| Do | 7 | |
| Fr | 8 | |
| Sa | 9 | Beaver/Meute/Patrull<br>EXPLORER&ROVER-RAID |
| So | 10 | EXPLORER&ROVER-RAID |
| Me | 11 | |
| Dë | 12 | |
| Më | 13 | Permanence |
| Do | 14 | Scout-Shop<br>17:30-19:30 |
| Fr | 15 | |
| Sa | 16 | Beaver/Meute/Patrull/Explorer |
| So | 17 | |
| Me | 18 | |
| Dë | 19 | |
| Më | 20 | Permanence |
| Do | 21 | |
| Fr | 22 | |
| Sa | 23 | Meute/Trupp/Explorer<br>BEAVERSORTIE & LBB-SHOP |
| So | 24 | |
| Me | 25 | |
| Dë | 26 | |
| Më | 27 | Permanence |
| Do | 28 | |
| Fr | 29 | ASSEMBLÉE GÉNÉRALE LBB |
| Sa | 30 | Beaver/Meute/Patrull/Explorer<br>BUNNY in the SNOW - Bal |
| So | 31 | |

## februar'10

| | | |
|---|---|---|
| Me | 1 | |
| Dë | 2 | |
| Më | 3 | Permanence |
| Do | 4 | Scout-Shop<br>17:30-19:30 |
| Fr | 5 | |
| Sa | 6 | Trupp/Explorer<br>BEAVER&MEUTE FUESPARTY |
| So | 7 | MEUTE FUESWEEKEND |
| Me | 8 | |
| Dë | 9 | |
| Më | 10 | Permanence |
| Do | 11 | |
| Fr | 12 | TECHUANA |
| Sa | 13 | keng Versammlungen<br>TECHUANA |
| So | 14 | TECHUANA |
| Me | 15 | TECHUANA |
| Dë | 16 | TECHUANA |
| Më | 17 | TECHUANA |
| Do | 18 | TECHUANA |
| Fr | 19 | TECHUANA |
| Sa | 20 | keng Versammlungen<br>TECHUANA |
| So | 21 | TECHUANA |
| Me | 22 | |
| Dë | 23 | |
| Më | 24 | Permanence |
| Do | 25 | Réunion semestrielle FNEL |
| Fr | 26 | |
| Sa | 27 | Beaver/Meute/Trupp/Explorer |
| So | 28 | |

# Allerläscht Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu

